



Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech begréissen iech alleguerte ganz häerzlech op eisem 1. Mee hei zu Réimech. Och dëst Joer si mir frou, eist Familjefest hei zu Réimech ze organiséieren.

E ganz grouse Merci dem Buergermeeschter an dem Schäfferot vun der Gemeng Réimech a ganz besonnesch de Mataarbechter vum Service Technique.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Sozialwale vum 12. Mäerz 2024 hunn den LCGB e gutt Stéck weiderbruecht. Mir si mat knapp 4.300 Kandidaten a 539 Betriber ugetrueden an hunn 1.258 effektiv Mandater kënnen erreechen. Dat sinn der 8% méi ewéi 2019.

Am Transportsecteur ass den LCGB déi stäerkst Gewerkschaft a speziell am Bussecteur konnt den LCGB seng sektoriell Majoritéit ausbauen.

Am Botzsecteur ass den LCGB no dëse Sozialwale majoritär, an engem Secteur wou mir virun 2019 nach ënner 20% lounge!

Am Logistiksecteur, duerch eis Majoritéit bei Kühne+Nagel, duerch déi néi Majoritéite bei CFL Cargo a Multimodal, ass den LCGB ganz staark vertrueden.

An der Industrie bei Goodyear, Dupont de Nemours, Husky, Ceratizit, konnte mir eis Majoritéit consolidéieren, bei Euro-Composites si mir ugetrueden an direkt majoritär ginn, a bei der Webasto si mir vertrueden.

Am Groupe Dussmann, engem vun deene 4 gréisste Betriber hei am Land, si mir an alle Beräicher majoritär, am Bau si mir fir d'éischte Kéier an enger Rei vu grouse Betriber ewéi CDCL a Soludec vertrueden a konnten dobäi direkt bei der Stugalux d'Majoritéit kréien.

Den LCGB ass also ganz staark am Privatsecteur vertrueden.

An der Chambre des Salariés huet den LCGB sech mat 17 Sätz consolidéiert, eis national Representativitéit ass méi ewéi ofgeséichert.

D'Sozialwale vum 12. Mäerz 2024 hunn den LCGB a senger Positioun hei am Land gefestegt, a stellen eng zolidd Basis duer, op därer mir déi nächst Joren eis Gewerkschaftspolitik weider kënnen entwéckelen.

Den LCGB konnt dëst exzellent Resultat nëmmen duerch d'Aarbecht an den Engagement vu senger Kandidaten a Militanten erreechen. Dofir well ech iech all hei op dëser Plaz, op eisem 1. Mee, villmools



Merci soen. Mir hunn dëst Resultat nëmmen als Equipe kënnen erreechen. Den LCGB wäert seng Gewerkschaftsaarbecht am strikten Interêt vun de Salariaëe weider ausbauen.

Den LCGB ass iwwerzeegt, datt a schwierigen Dossier'en, ewéi d'Pensiounen oder der Reform vum Kollektivvertragsgesetz, déi national representativ Gewerkschaften hei am Land mussen zesummeschaffen. Den LCGB ass prett fir esou eng Zesummenaarbecht a mir si bereet, eis Responsabilitéit ze huele, fir zesummen, dat beschtméiglecht Resultat kënnen fir d'Leit erauszeschloen! Den LCGB bréngt an déi Zesummenaarbecht seng Kompetenzen an Duerchsetzungsverméige voll eran.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den 9. Juni sinn Europawalen. Dës Wale stinn ënnert besonneschem Virzeechen. A villen Länner an der europäescher Unioun si populistesch a rietsextrem Parteien am Virmarsch. Dëst ass eng geféierlech Entwécklung, well se stellt net nëmmen Demokratie an Europa a Fro, neen dës Entwécklung bedreet ganz konkret dat friddlecht Mateneen an Europa op eng fundamental Manéier.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Europäesch Unioun ass de Garant fir Demokratie a Fridden an Europa. Déijéineg, déi Europa a Fro stellen an déi mengen, vun engem Europa vun den Natioune kënnen ze fasselen, déi hunn eppes Wesentlech vergiess. 1913 hate mir en Europa vun de Natioune an d'Konsequenzen dovunner waren 2 Weltkrieger, Diktaturen a milliounefache Vëlkerdord!

Ween Europa, d'europäesch Unioun a Fro stellt, mat deem kann den LCGB net d'Accord sinn, well e stellt Fridden an Demokratie op eisem Kontinent a Fro!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den LCGB steet fir e friddlecht Mateneen an Europa. Den LCGB fuerdert méi e soziaalt Europa. Den LCGB fuerdert en Europa, wat fir Vollbeschäftegung suergt.

Den LCGB fuerdert en Europa, wou d'Salariaëen an hir Familljen dezent vun hire Paie kënnen liewen an eng anstänneg Sozialversécherung hunn!

Den LCGB begréisst an dësem Kontext ausdrécklech, d'Deklaratioun, déi d'EU mat den europäesche Sozialpartner um Sommet de la Hulpe ënnerschrifwen huet. Dës Deklaratioun ënnersträicht de



gemeinsamen Engagement fir soziale Fortschritt, Chancengläichheet, gutt Aarbechtsplaze mat anstännegen Aarbechtskonditiounen souwéi Bekämpfung vun der Aarmut.

Dës Deklaratioun ass och vun der Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt ginn an ech well och dem Aarbechtsminister Georges MISCHO villmools Merci soen, dass hien d'Iwwerleeunge vun de Gewerkschaften am Virfeld vun der Signature mat consideréiert huet.

Den LCGB fuerdert en Europa, wat d'Rechter an d'Fräiheet vu senge Bierger verdeedegt an dofir suergt, dass alleguerte Mënschen an Europa, an och déi an der Ukrain, friddlech an a Fräiheet zesumme kënnen liewen an um europäesche Projet gemeinsam kënnen weiderschaffen.

Europa, d'europäesch Unioun, ass keng Utopie, et ass eise Projet, et ass d'Zukunft vun eise Kanner a mir duerfen eis déi Zukunft net vun Demagogen, Populisten, oder aner Rietsextremen Toperte futti maache loossen !

Europa brauch Engagement an Zesammenhalt.

Demokratie, sozial a progressiv Wäerter doen sech awer net vun eleng. Et ass eis gemeinsam Responsabilitéit den europäesche Projet weiderzefeieren.

An dofir, Kolleeginnen a Kolleegen, well et eis Responsabilitéit ass, rufft den LCGB haut dozou op, den 9. Juni deene Parteien, déi sech net zu engem gemeinsamen a sozialen Europa bekennen, keng Stëmm ze ginn. Populisten a Rietsextremere hunn am EU-Parlament näischt verluer.

Wien e Beispill brauch, soll eemol a Groussbritannien kucken. Ekonomesch a sozial geet et der grousser Majoritéit vun de Britten nom Brexit eben net besser, mee vill méi schlecht. De Brexit an déi deemoleg demagogesch Versprieche, stellen sech als dat eraus, wat se ëmmer waren: eng ganz grouss Ligen!

Dofir fuerdert den LCGB och, dass am nei gewielten EU-Parlament net mat rietsextremen oder populisteschen Parteien duerf zesumme geschafft ginn. Populismus a Rietsextremismus duerfen op kee Fall iwwer d'Hannerdier salonsfäeg gemaach ginn.

Den LCGB steet fest zu senge Wäerter, déi op Solidaritéit a gemeinsamem Engagement baséieren. Den LCGB trëtt fir méi eng gerecht Gesellschaft an, déi op Inklusioun setzt, an därer all Mënsch eng Plaz fënnt. Mir refuséieren Intoleranz, Haass, Antisemitismus, Friemefeindlechkeet, Rassismus, Homophobie, Fraefeindlechkeet, an des Weideren nach méi!

Mir fuerderen, dass net nëmmen an Europa oder hei am Land, mir trieden och kloer dofir an, iwwerall wou mir präsent sinn, sief dat hei um 1. Mee oder z.B. och am Conseil d'Administration vun enger Beschäftigungsinitiative!



Kolleeginnen a Kolleegen,

Den LCGB fuerdert méi sozial Gerechtegkeet och hei am Land. Fir den LCGB bedeit dat zu alleréischt, dat mir d'Kafkraaft vun de Salariéë musse stäerken doduerch

- datt mir eisen Indexsystem bäibehalen,
- datt d'Regierung Steiere fir déi kleng a méttler Revenuen erofsetzt.

Am Kloertext heescht dat, den LCGB fuerdert, datt de Mindestloun steierfräi ass.

Den LCGB fuerdert donieft, datt de Mindestloun substantiell ëm 3,5% oder 100 Euro brutto opgebessert gëtt, fir datt en iwwert der Aarmutsgrenze läit.

Den LCGB fuerdert, datt de Räichtum, deen hei am Land am Privatsecteur all Dag erschafft gëtt, och gerecht verdeelt muss ginn.

Den LCGB fuerdert dofir d'Employeuren op, déi rezent Diskussioun am Comité Permanent du Travail et de l'Emploi, wat Kollektivvertragsgesetz ugeet, ze notzen a mat de Gewerkschafte méi a besser Kollektivverträge fir d'Salariéen ze verhandelen.

Mir fuerdere Paie vun deenen d'Mënschen, déi hei am Land schaffen an hir Familljen, dezent kënnen liewen.

Mir brauchen anstänneg Aarbechtskonditiounen, déi de Leit besonnesch bei den Aarbechtszäiten entgéint kommen an hinnen déi Flexibilitéit ginn, déi se brauche, fir hiert Liewen ze organiséieren.

Den LCGB huet sech an de leschte Jore staark mat neien Technologien an Entwécklungen, ewéi der Digitalisatioun an der Intelligence Artificielle beschäftegt. Mir mussen deementspreechend net nëmmen eis Formation continue upassen, mee och eist d'Delegatiounsgesetz muss, wat déi nei Technologien ugeet, am Beräich vun der Codecisioun ugepasst ginn.

Dës nei Technologieën mussen encadréiert gi fir Excès'en ze verhënneren!

Den LCGB fuerdert doriwwer eraus, datt eis sozial Sécherheet esou reforméiert an ëmstrukturéiert gëtt, datt den Assuré erëm am Méttelpunkt steet.

Den LCGB fuerdert, datt d'Existenze vun de Salariéë géint iwwer dem Risiko vum Chômage a Krankheet ofgeséichert gëtt. Déi bescht Politik géint Prekaritéit an Aarmut ass, d'Mënschen an d'Aarbecht ze bréngen oder an Aarbecht ze halen.

Dëst ass net nëmmen eng Fro vun der sozialer Kohäsion, déi duerch de Chômage an de Misär a Fro gestallt gëtt. Et ass och eng Fro vun der Dignitéit, vum Ëmgang vun dëser Gesellschaft mat deenen, déi riskéieren duerch de Grill ze falen.



Den LCGB ass och iwverzeegt, dass eis Gesellschaft, eis Aarbechtswelt op Dauer nëmme ka reusséieren, wa mir d'Mënsche gläichbehandelen, egal op se Resident oder Frontalier sinn. Fir den LCGB ass et kloer, dass d'sozial Kohäsion an eisem Land, mat bal 50% Kolleegen, déi aus den Nopeschlänner all Dag bei eis schaffen kommen, och deementspreechend muss definéiert ginn. Lëtzebuerg, als Metropol vun der Groussregioun, ass eng Plaz, op déi all Mënsch kuckt, an déi d'Leit brauch, fir hei ze schaffen, eis Land an d'Ekonomie weiderzebréngen an ze entwéckelen.

Den LCGB fuerdert dofir de Finanzminister op, alles ze ënnerhuele, fir Schikane vun den däitschen a franséische Kolleegen duerch déi nei Duebelbesteuerung op en Enn ze bréngen.

Den LCGB bleift dovunner iwverzeegt, dass eis Land, eis Gesellschaft muss op e méi breet, e méi zolidd demokratescht Fundament gesat ginn. D'Representatioun an eiser Chamber ass net méi am Eeklang mat der Realitéit, ewéi eis Gesellschaft sech zesummesetzt - wéi och, wa bal 50% vun den Awunner net an der Chamber vertrauede kënnen sinn! Den LCGB trëtt dofir weider fir d'Walrecht vun allen Awunner bei de Chamberwale an.

Lëtzebuerg soll a muss hei virausgoen, well an Zäite wou Europa riskéiert, duerch Nationalismus an aner Gëfter futti gemaach ze ginn, misst ee sech och bal op de richtege Wee maachen. An et géif Lëtzebuerg, eisem Land, gutt doen emol erëm un der Spëtzt an Europa ze stoen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Fir méi sozial Gerechtegkeet ze erreechen, misst mir zualleréischt awer eis strukturell Problemer geléist kréien.

Do ass zualleréischt déi duebel Kris vum Logement a vum Bausecteur ze nennen. Et ass d'Zënspolitik vun der europäescher Zentralbank, déi des Krisen ausgeléist huet.

Den Accès zum Logement ass hei am Land zu engem Luxus ginn, deen sech der nach just wéineg kënnen leeschten. Dofir ass et onverständlech, dass d'Banken, déi 2008 an der Bankekris vun der Allgemengheet staark ënnerstëtzt gi sinn, sech haut hannert der EZB verstoppen.

D'Regierung huet dofir ze suergen, dass den Accès zur Finanzéierung vun engem Logement erëm fir d'Majoritéit vun de Leit assuréiert ass. D'Regierung a Gemenge mussen des Weideren dofir suergen, dass genuch Bauterrain do ass, fir endlech méi Wunnenge kënnen ze bauen. Eréischt da kann déi duebel Kris op en Enn kommen.

Wa mir jonke Leit, jonke Famillje wëllen eng Perspektiv an deem Land bidden, da mussen mir hinnen och abordabele Wunnraum kënnen schafen.



Déi rezent Aussoe vum Responsabele vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché, datt d'Präisser an och de Financement vun hire Logementer esou deier sinn, datt se quasi net méi un déi viséiert Populatioun kënnen verkaf ginn, muss ganz ferm ze denke ginn.

D'Offer u Wunnraum mat abordabele Käschtepunkt, sief et fir ze lounen oder ze kafen, muss dringend eropgesat ginn. Dëst ass net ze verwiessle mat dem soziale Wunnengsbau, deen déijéineg ënnerdaach soll bréngen, déi et vun selwer guer net géife packen.

Wann awer quasi all Mënsch hei am Land op sozial Krittere muss kënnen ziele, fir en Doheem ze fannen, ass eppes komplett faul an dësem Land.

Déi rezent Initiative vun der Regierung fir den Investissement ze encouragéieren, sinn an dëser Kris net falsch, mee dës Mesuren ënnerstëtzen dann éischter déijéineg, déi scho Kapital hunn, an net jonk Leit a Familljen, déi mir wëlle viséieren.

E weideren entretemps strukturelle Problem ass de Fonctionnement vun der Sécurité sociale an do besonnesch vun der Santé. Déi responsabel Ministesch muss hei dofir suergen, datt d'Interëten vum Assuré Prioritéit kréien. Den LCGB verlaangt, datt d'Versuerungsproblemer mat Medikamenter endlech op en Enn bruecht ginn.

Den LCGB fuerdert, datt d'Digitalisatioun an der Santé genotzt gëtt, fir d'Delaie bei de Remboursementer ze verkierzen an d'Kommunikatioun mam Assuré ze verbesseren.

Iwwerhaupt gehéiert den Tiers payant zu enger moderner Gesondheetsversécherung, grad esou ewéi méi kuerz Waardezäite, wat Traitement ugeet. Modern ambulant Behandlungsméiglecheete gehéieren an dezentral Strukturen, déi no bei de Leit situéiert solle ginn.

Des Weideren duerfen d'Decisioune vum Contrôle médical an der Médecine de travail sech net méi widderstreechen, an domadder e Mënsch an den existenziellen Abseits stellen.

Schlussendlech muss endlech mat der Perversitéit opgehale ginn, déi et erlaabt, datt e Mënsch, dee schwéier krank ass, no 78 Wochen seng Existenz verléiert, well en aus der Sécurité sociale ofgemellt gëtt.

Madamm Ministesch, Dir stitt hei am Wuert, Dir hutt hei eng schnell Léisung versprach.

Madamm Ministesch, Dir brauchst hei net méi laang ze iwwerleeën, den LCGB huet lech déi bescht Léisung schonn e puermol präsentéiert, nämlech datt e Mënsch esou laang krankgemellt ass, bis en erëm ka schaffe goen oder bis en an der Invalidérent oder reklasséiert ass.

Eppes anescht kënnst fir den LCGB net a Fro!



Kolleeginnen a Kolleegen,

En anere Sujet den d'Regierung op den Dësch bruecht huet, ass d'Ofsécherung vun eisem Pensiounssystem. Dee Sujet huet an de Chamberwale kee Rôle gespillt, en ass awer op e beemol opgetaucht, ewéi den Äisberg virun der Titanic. Et huet keen e gesi kommen, mee op e beemol ass en do!

Fir et hei kloer, ganz kloer ze soen: den LCGB bedeelegt sech net méi un der Polemik, mat welcher dësen Dossier an de Public bruet ginn ass. Den LCGB geet all Wee mat, deen dozou feiert, eise Rentensystem besser ofzesécheren.

D'Pisten, déi hei um Dësch leien, si kloer d'Cotisationsen, d'Ophiewen oder d'Eropsetze vum Plafond cotisable am Privatsecteur oder d'Aféiere vun enger Contributioun sociale op héich Beneficer, déi verschidde Betriber oder Gesellschafte realiséieren! Déi rezent Entwécklung vun de Beneficer am Bankesecteur sinn hei e gutt Beispill.

Eist Ziel ass kloer, d'Entlaaschtung vum Faktor Aarbecht an d'Ofsécherung net nëmme vun eise Renten, mee vun der ganzer Sécurité sociale!

Den LCGB erwaart sech, datt déi Diskussiounen zu 3 am Tripartiteformat gefouert ginn.

Den Tripartiteformat ass nämlech, déi eenzeg Konstellatioun, déi op der enger Säit Kompetenzen huet an op der aner Säit d'Kraaft huet, fir dat, wat am Konsens decidéiert ginn ass, um Terrain ze vermëttelen an deementspreechend och ëmsetzen. All aner Approche oder Zesummesetzung féiert dozou, datt déi Struktur net méi effizient fonctionéiere kann.

Fir och hei ganz kloer ze sinn. Den LCGB refuséiert kategoresch, datt eise Rentensystem, deen op Solidaritéit baséiert, futti geschloe gëtt, well en duerch eng Grondrente mat Pensions complémentaires soll ersat ginn.

Pensions complémentaires ka sech nach laang net all Mënsch leeschten an d'Employéen aus der Siderurgie hu gemierkt, wat Versprieche vum Betrib a wirtschaftlech schwéieren Zäite wäert sinn. Nämlech näischt, guer näischt!

Den LCGB fuerdert d'Bäibehale vum Prinzip, datt eis Pensiounskeess zu 3, also Salarié, Employeur a Staatsbudget zu gläichen Deeler finanziert gëtt. Fir den LCGB muss Gerechtegkeet tëschen de Generatiounen ofgeséichert bleiwen, doduerch datt Cotisationsen vun deenen nächste Generatiounen nach de selwechte Géigewäert an hirer Pensioun hunn, an net duerch eng massiv Verschlechterung vun der Renteformel quasi entwäert ginn.

Den LCGB ass iwwerzeegt, datt Mindestrente muss substantiell eropgesat gi, fir all Mënsch en dezent Liewen am Alter ze erméiglechen.



Schlussendlech well den LCGB an dësem Dossier enk mat deenen aneren national repräsentative Gewerkschaften zesumme schaffen, well et net ka sinn, datt duerch déi viséiert Reform de Gruef tëschen Privatsecteur a Fonction publique nach méi grouss gëtt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Fir datt eise Sozialmodell fonctionéiere kann, muss d'Tripartite, wa Krisen oder déifgräifend Problemer entstinn, déi richtig Léisunge fannen. Dofir brauch et dräi Viraussetzungen:

- Éischtens, innovativ kënnen ze denken, an nei Weeër ze goen, esou ewéi dat an de leschten Tripartitesaccorde méiglech war, andeems mir eis net méi op eng Indexdiskussioun fokusséiert hunn, mee op d'Ursach, nämlech d'Inflatioun, déi duerch den Energiepräisdeckel konnt staark reduzéiert ginn.
- Zweetens, et brauch de Wëllen zum Kompromëss vun alle Partner an der Tripartite.
- Drëttens, et brauch déi néideg Vertrauensbasis tëschent de Partner vun der Tripartite.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wann een elo déi rezent Aussoe vun de Vertrieeder vum Patronat am Comité Permanent de l'Emploi analyséiert. Nämlech d'Afrostellen vu Kollektivverträg an d'Fuerderung, fir mat den Delegatiounen ouni Gewerkschaft kënnen Accord'en ze verhandelen, da muss een zur Conclusioun kommen, datt d'Vertrauensbasis mam Patronat staark a Fro gestallt ass, an de Wëllen zum Kompromëss wuel och feelt.

D'Patronatsfuerderung no Karenzdeeg am Krankheitsfall géif och nëmmen dozou féieren, fir schwéier krank Leit ze kujenieren oder awer, datt krank Leit och nach schaffe ginn, an hir Kolleegen ustiechen, a schlussendlech den Absenteismus nach méi géif klammen.

Dës Fuerderung ass also net nëmme kontraproduktiv, mee reegelrecht e Schlag an d'Gesicht, eng Frechheet géintiwwer all Salarie hei am Land!

Dëst ass net de Lëtzebuerger Modell!

Wann een dann och nach weess, datt d'UEL an der Rentediskussioun extrem lwwerleeungen op den Dësch leet, déi d'Rente quasi ëm d'Hallschent géife kierzen, an e reegelrecht Trommelfeier, bal eng Gehierwäsch am Public inzenéiert gëtt, fir eise Rentensystem a Fro ze stellen. Wann een all dat zur Kenntnis hëlt, dann drängt sech eng Conclusioun kloer op:

Nämlech déi, datt eise Sozialmodell vun den Employeure ferm a Fro gestallt gëtt an net nëmmen "reforméiert", mee futti geschloe soll ginn.



Kolleeginnen a Kolleegen,

Dat wier dann och d'Enn vun der Tripartite a vum soziale Fridden hei am Land! Esou eng Politik stellt och déi sozial Kohäsion a Fro mat allen Extremer an Exzesser, déi mir aus anere Länner kennen!

Den LCGB refuséiert esou eng Approche! Den LCGB trëtt fir eise Sozialmodell an.

Fir den LCGB gëtt et keng Alternativ zur Tripartite, fir aus de Krisen ekonomesch a sozial gestärkt kënnen eraus ze kommen. Allerdéngs ass esou eng Politik, déi niewebäi och de soziale Fridden hei am Land ofsécher, net zum Nulltarif ze realisieren.

Den LCGB fuerdert dofir d'Patronat op, fir zesumme mat de Gewerkschaften alles op de Wee ze brénge, fir déi strukturell Defiziter, déi duerch d'Energiepräisser, Digitalisatioun an och Transitioun op eng CO₂ neutral Produktioun entstinn, zesummen ze identifizieren a gegebenefalls mat der Regierung no Léisungen ze sichen.

Dat gemeinsaamt Uleies vu Gewerkschaften a Patronat misst sinn, de Leit sécher Aarbechtsplaze mat anstännegen Aarbechtskonditiounen an enger attraktiver Remuneratioun ze offréieren. De Mënsch ass dem Betrib seng wichtigst "Ressource" an et kann einfach net sinn, datt mir nëmmen a Produktiounsanlagen, a PC'en oder aner Outille wëllen investéieren.

Fir den LCGB muss all Mënsch sech op senger Aarbecht kënnen entfalten a Perspektiven hunn, ewéi en sech kann entwéckelen. Dat funktionéiert nëmmen duerch en Invest an de Mënsch an domadder mengen ech net nëmmen en attraktive Kollektivvertrag, mee och e Recht op Weiderentwécklung duerch Weiterbildung!

Den LCGB setzt sech fir eng human Aarbechtswelt an, a fuerdert doriwwer eraus och eng inklusiv Approche, fir datt all eenzelnen sech eng Existenz kann opbauen.

Dëst ass och de Grond firwat den LCGB viru 25 Joer de Proactif gegrënnt huet an och nach haut an dëser Beschäftigungsinitiativ engagéiert ass. Dem LCGB geet et hei reng an eleng ëm de soziale Volet, déi esou eng Struktur soll hunn. Nämlech d'Inklusioun, d'Eraféiere vu jiddwer eenzelnen Chômeur, deen de Proactif vun der ADEM uvertraut kritt, duerch Formatioun an Aarbecht un den éischten Aarbechtsmarché.

Dës Tâche ass nobel, mee, dat läit an der Natur vun der Saach, net ëmmer einfach. Ech wëll hei op der Plaz dem ganze Personal vum Proactif mäin Respekt a meng voll Solidaritéit ausdrécken. Et ass absolut bedauerlech, datt aarbechtsrechtlech Verfeelunge vun engem eenzelnen, de ganze Proactif belaschten.

De Präsident vum Proactif, den Norbert CONTER, huet hei seng Responsabilitéit geholl an dës Episod op en definitiivt Enn bruecht. All aner Approche hätt dem Proactif massiv geschuet an imprevisibel an nefaste Konsequenzen no sech gezunn.



Ausserdeem soll et och kloer sinn, datt och wann dës Struktur aktuell an der Form vun enger SARL SIS constituéiert ass, d'Ënnerstützung vum Ministère du Travail 75% vum chiffre d'affaires ausmësch. Dofir ass e Witz, datt den Ex-Direkter den Proactif als Kapitalgesellschaft wollt bezeechnen an och esou handelen. Kapitalist spille mat dem Steierzueler senge Suen ass inakzeptabel.

Aus dese Grënn leien net nëmmen déi legal, mee och ganz besonnesch déi moralesch Obligatiounen, wat d'Gestioun am Proactif ugeet, ganz héich!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den LCGB setzt sech fir anstänneg Aarbechtskonditiounen a gutt Paien an de Kollektivvertrag an.

E gutt Beispill an dësem Kontext sinn déi aktuell Kollektivvertragsverhandlungen bei der LUXAIR. Et muss kloer sinn, datt den Asaz vum Personal an de leschte Jore muss honoréiert ginn. Den LCGB, zesumme mat deenen anere Gewerkschaften, wäert alles drusetze, fir en anstännegt Resultat erauszuschloen an ech schléissen e Konflikt hei net aus.

Den LCGB huet bewisen, datt en net zéckt a kapabel ass bis zum äussersten ze goe, fir seng Fuerderung duerchzusetzen.

Fir den LCGB mussen d'Existenze vun de Salariéë géint de Risiko vum Chômage a Krankheet ofgeséichert ginn.

Bei der Tarkett zu Wolz sollen 126 vu 562 Aarbechtsplazen ofgebaut ginn. Den LCGB fuerdert hei en Alternativmodell zum Chômage!

Den LCGB fuerdert d'Weiderentwécklung an den Ausbau vun de Prestatiounen an der Gesondheetskeess! Den LCGB fuerdert d'Ofsécherung vun eisem Rentensystem.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Kuerz a bündeg,

Fir den LCGB kënn Sozialofbau net a Fro!

Fir den LCGB kënn Renteklau net a Fro!

Fir den LCGB ass d'Verschlechterung vun eisen Aarbechtskonditiounen keng Optioun.



I. Mee Ried
Patrick DURY, LCGB-Nationalpresident
Embargo bis den I. Mee 2024 – 10h30
(et zielt dat geschwate Wuert)

An Kolleeginnen a Kolleegen,

Dir kënn lech et denken: Den Index steet fir den LCGB net zur Dispositioun.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den LCGB wäert an den nächste Jore weider u senge Prestatiounen a Servicer schaffen. Den LCGB wäert säin Engagement um Terrain an de Betriber nach verstärken, grad ewéi de Beräich vun de Consultatiounen an eisem Info-Center.

Den LCGB ass elo zanter méi ewéi 100 Joer um Dill, fir de Salarié ze ënnerstëtzen an ze encadréieren.

D'Resultater vun de Sozialwale vum 12. Mäerz 2024 an eis Entwécklung op haut méi ewéi 47.500 Memberen, weisen eis kloer, datt mir um richtege Wee sinn.

Um richtege Wee fir Muer e Schrëtt viraus ze sinn.

Vive den I.Mee! Vive den LCGB!

Villmools Merci fir Är Opmierksamkeet a vill Freet um Familjefest.